RAPPORT ANALYTIQUE
N° 2 / 2010

ESCH


ESCHER GEMENGEROT











Séance du Conseil communal du
vendredi 05 mars 2010

WWW.ESCH.LU


26, rue Emile Mayrisch L-4240 Esch-sur-Alzette T. 547383-496

Bibliothèque municipale



www.esch.lu

bibliotheque@villeesch.lu





Heures d'ouverture

Lundi		14.00-17.00
Mardi	10.00-12.00	14.00-17.00
Mercredi		13.30-17.00
Jeudi	10.00-12.00	14.00-17.00
Vendredi		15.00-19.00
Samedi	10.00-12.00	



ESCH

Conseillers présents:
M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Ordre du jour

		Page
Réunion à huis clos		
1.	Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision	
Réunion publique		
2.	Information au public des décisions de personnel	4
3.	Correspondance	4
4.	Extension des collectes à domicile des matériaux recyclables: convention avec l'association Valorlux; décision	4
5.	„Escher Kulturfestival 2010" et „Escher Kulturlaf" 2010":	10
6.	Flèche du Sud 2010: convention avec la Velo-Union Esch pour l'arrivée de l'étape finale; décision	11
7.	Convention avec l'association „Cercle d'Escrime" dans le cadre des activités sportives de la LASEP; décision	12
8.	Convention avec l'asbl „Energy for life" dans le cadre des activités sportives du programme „Youth Sports- Cool Sports", décision	12
9.	Aménagement d'un parking pour camionnettes: convention avec la S.A. Arcelor Mittal; décision	13
10.	Convention avec le Ministère de l'Education nationale et de la Formation professionnelle concernant le personnel socio-éducatif; décision	14
11.	Convention avec le Ministère de l'Education et de la Formation professionnelle concernant les éducateurs(trices) gradué(e)s; décision	14
12.	Convention avec le Ministère de l'Education et de la Formation professionnelle concernant les chargé(e)s de cours; décision	14
13.	Contrat de gérance pour le débit de boissons à la buvette du parc municipal; décision	15
14.	Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage); décision	15
15.	Office social: comptes de gestion 2006 et 2007; décision	15
16.	Centre d'Initiative et de Gestion local (CIGL): budget 2010; décision	16
17.	Impôt foncier: relevé et rôle supplétif 2007, 2008 et 2009; décision	16
18.	Subsides extraordinaires; décision	16
19.	Règlements de la circulation routière; confirmation et décision	17
20.	Convention relative aux aides à la construction d'ensembles ; décision	17
Résumé en français de la séance du Conseil Communal du 05 mars 2010		18

ESCH

Sëtzung vum Escher Gemengerot

Freideg, den 05. Mäerz 2010

2. Information au public des décisions de personnel

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Haut hu mer nëmme Personalfroen déi am Huis clos décidéiert gi sinn.

A) Démissions honorables accordées à M. Jean-Marie Greiveldinger et à M. Carlo Remackel.

B) Résiliation sur sa demande et avec effet au 15 mars 2010 du contrat d'engagement conclu avec M. Danilo Luchetti.

C) Nomination provisoire de M. Jean Navalha.

D) Nominations définitives de Mme Nathalie Peter, de Mme Joëlle Sauveur et de M. Alex Jung

E) Le Conseil communal prononce une sanction disciplinaire.

3. Correspondance

Mir hunn och ënner Information du public soss keen anere Punkt an och net ënner Correspondance a kéimen dann direkt zu Punkt 4.

4. Extension des collectes à domicile des matériaux recyclables; convention avec l'association Valorlux; décision

Dat ass d'Extensioun vun eisem Reseau vun de Collectes à domicile. An dësem Fall eng Konventioun déi mer hu mat Valorlux fir och Plastik an aner Materialien heem sichen ze goe bei d'Leit. An ech géing lech proposéieren, dass den Ëmweltschäffen eis d'Explikatiounen zu deem Punkt gëtt.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Merci, Madame Buergermeeschter. Mir hu jo hei zu Esch an de leschte Joeren eng ganz Rei zousätzlech Recycling-Angeboter agefouert au point dass mer landeswäit betruecht eigentlech haut scho praktesch dat komplettst Angebot hu vu Recycling doheem bei de Leit. D'Leit kréien doheem hire Gréngschnëtt, also den organeschen Offall ewech geholl an der grénger Tonn. D'Leit kréien an där bloer Tonn hire Pabeier doheem ewech geholl. Si kréien an där bronger Tonn hiert Glas doheem ewech geholl. Mir hunn zousätzlech nach e Recyclingcenter op Rieder deen duerch Esch fiert a wou d'Leit praktesch all Fraktiounen, Offallfraktioune kënnen hibrénge fir ze recycléieren. Woubäi een dozou muss soen, dass dat zu 90% Plastik ass. Recycling op Rieder ass eigentlech e Plastikstour, quitte dass e fir all Fraktioune geduecht ass, mä de Gros vun deem wat d'Leit bréngen zu ronn 90% sinn haut scho Plastiksfraktiounen. Mir hunn zousätzlech nach d'Angebot vum SIVEC virun der Hausdier, den interkommunale Recyclingpark. A mir hunn och fir d'Geschäftsleit op Barbourg nach eng Kéier e separate Recyclingcenter.

Mir proposéieren lech awer haut nach e Schratt méi wäit ze goen an en zousätzlecht, oder solle mer soen, en anert Recyclingsangebot vir de Plastik anzeféieren. Wéi gesot, mir hunn am Moment um Recycling op Rieder zu 90% Plastik wat ewech geholl gëtt, deen awer den Nodeel huet, dass dat net bei de Leit doheem virun der Dier geschitt, dass dat op Rendez-vous geschitt. Eis Camionnette fiert duerch Esch a mécht no engem ugekënnegte Kalenner Arrêten zu bestëmmten Zäiten op bestëmmte Plazen an d'Leit mussen dann hire Plastik dohinner bréngen. Dat wat mer haut proposéieren anzeféieren ass eppes wat wesentlech méi komfortabel wäert gi fir d'Leit well se keng Rendez-vous méi musse respektéieren. Si kënnen hir Plastikstute ganz einfach virun d'Dier stellen zu enger Dageszäit déi hinne genehm ass an net méi zu engem feste Rendez-vous wou dann d'Camionnette soll laanscht kommen. Dovunner erwaarde mer eis, dass dann den Undeel vu Plastiksmatièren, an der Haaptsaach Plastik, et ass jo och e bësse Metall dobäi, Aluminium an och e bësse Cartonage kënnen do matgeholl ginn. Dovunner erwaarde mer eis wéi gesot, dass dann den Undeel vu Plastik dee recycléiert gëtt insgesamt steigt.

Firwat maache mer dat elo? Mir maachen dat aus zwee Grënn. Éischtens, well mer mengen, dass de Valorluxsystem sech bewäert huet. Dir wësst am Ufank wou deen agefouert ginn ass, war de Valorluxsystem en zimlech kontestéierten. Deels zu Onrecht, deels awer och zu Recht. Et si Saachen dem System virgeworf ginn, ënnert anerem, awer net nëmmen, opgrond vun Erfahrungen déi am Ausland gesammelt gi si mam grénge Punkt. Do war vill Schmu an deem System. Et ass u sech jo en internen an eegene System, e Selbstverpflichtungssystem vun der Industrie. An et ass richteg, dass am Ufank do an den Ufanksjoere vill schief gelaf ass. Dat ass net esou ofgelaf wéi et hätt solle sinn. Et muss een awer och fairerweis da soen, dass déi Leit, déi dee System bedreiwen, dat an de Gréff kritt hunn. Et kann een haut soen, dass de Valorluxsystem esou dréint wéi e geplangt ass, wéi e geplangt war, an dass déi Feelentwécklung an déi Feeler déi vläicht nach méi an den auslännesche grénge Punkte wéi an deem lëtzebuergesche grénge Punkt dra waren, dass déi, op jidde Fall wat Lëtzebuerg betrëfft, haut eiser Meenung no zu 100% maîtriséiert sinn. Dat ass eng Saach déi gutt fonctionnéiert an et ass eng Saach déi sënnvollerweis fonctionnéiert, well se et erlaabt, dass eng ganz Rei Matièren zréck an e Recyclageprozess gefouert ginn an domat net duerch de Kamäin, duerch d'Päif beim Sidor als Damp no der Verbrennung, zum Deel no der Verbrennung, duerch d'Päif fort ginn. Dat ass also eng Constatatioun déi ee muss maachen. De System fonctionnéiert.

Déi zweet Constatatioun ass, mir hunn am Verglach mat vill anere Gemengen zu Esch e méi klengen Undeel, mir hu manner Plastik dee recycléiert gëtt wéi a villen anere Gemengen. Dat ass well mer en Deel wuel an de Recyclingcenter op Rieder bréngen, wat awer net all Mënsch geet, well net all Mënsch kann zu deenen Zäiten um Rendez-vous stoen. Mir bréngen en Deel bei de SIVEC, dee jo och vill vun Escher Leit entgéint hëlt. Trotzdem de Schätzungen no kann ee soen, dass grosso modo 300 Tonnen ongefeier pro Joer pro Awunner kéint triéiert a recycléiert ginn. A mir leien hei zu Esch – dat sinn d'Zuelen aus anere Gemengen déi schonn an der Valorlux dra sinn – a mir leie schätzungsweis hei zu Esch bei 180 bis 200 Tonnen. Mir hunn also nach e Potential wa mer eis vergläiche mat aneren am Plastiksberäich wat bei 100 bis 120 Tonnen pro Joer läit, wat am Moment bei eis net recycléiert gëtt mä dann allem Uschäin no an der groer Tonn bei de Sidor bruecht gëtt an do verbrannt gëtt. Dat Potential wëlle mer net ongenotzt loossen.

Et muss een och soen, dass déi Verbrennung beim Sidor jo och Sue kascht. All Kilo dee mer bei de Sidor bréngen, gëtt eis um Enn vum Joer verrechent. Et geet also och ëm eng Dépense. An an enger Zäit wou eng Rei Dépensen, och kommunaler Natur, gestiege sinn, ass et sécher net falsch och ze probéiere vläicht en Deel Dépensë fir d'Leit – well Dir wësst et ass duerch de Käschtendeckungsprinzip beim Offall, dat wat mer bei de Sidor brénge sech an der Offalltaxe och erëmfënnt

vun de Leit – a wa mer kënnen Economië maachen déi spierbar wären, da kann een dat och an der Offalltaxe reperkutéieren. Do musse mer dann natierlech awer ee Joer Recul hunn. Dat kënne mer net elo am Viraus maachen. Do muss um Enn vum Joer dat och gekuckt ginn opgrond vun de reale Rechnungen déi de Sidor bréngt.

Dat sinn also déi zwee Haaptgrënn déi mer hu fir ze menge mir sollen elo dee Schratt do maachen a bei der Valorlux adhéréieren. De Valorluxsystem dréint a fonctionnéiert gutt a mir hunn an de Plastiksmatièren notamment mä net nëmmen Zuelen déi manner gutt si wéi anerer. Mir hu wuel bei all deenen anere Fraktiounen immens gutt Zuelen, ob dat mam Pabeier ass oder beim Glas oder beim Gréngschnëtt, do si mer ganz gutt souguer, mä beim Plastik si mer nach manner gutt an dat wëlle mer net bleiwen. Mir wëlle beim Plastik och éischter Virreider ginn an der Quantitéit déi recycléiert gëtt wéi bei deenen anere Fraktiounen och.

Wat heescht dat konkret? Dat heescht konkret éischtens, dass mer eng Konventioun mussen ënnerzeechne mat der Sociétéit Valorlux. Et sinn am Moment 99 Gemengen déi Member si vun den 116. Wann elo eis net alles täuscht, misste mer dann déi 100. ginn, eng ronn Zuel, déi bei der Valorlux géing adhéréieren. A vun deene Gemengen déi am Sidor sinn, wou mir jo och Member sinn, dat sinn der 35, do sinn der och elo wa mir bäitriede 26 Gemengen dran. Dat heescht, et sinn nach ëmmer dann 9 Sidorgemengen, e Véirels nach ëmmer vun de Sidorgemengen ass dann nach ëmmer net Member vun der Valorlux an et bleiwe 16 Gemengen iwwer Land. Wéi gesot, dovunner dann 9 vun der Sidor déi nach net adhéréiert hunn, mä do muss all Gemeng da maache wéi se wëll. Mir kommen also mat der Adhésioun zu der Valorlux spéit. Mä mir sinn nach laang net déi lescht, notamment net an der Sidor, am Sidorsyndikat, wou nach ëmmer ganz vill och ugeliwwert gëtt.

Dat zweet wat dat heescht dat ass, dass mer wäerten, wa mer déi Konventioun hei ënnerzeechnen an op de Wee gi vum Ramassage bei de Leit doheem vun de sougenannte PMC-Matièren, dann heescht dat, dass mer mat eisem Recyclingcenter op Rieder dann och ophalen. Well wéi gesot, deen ass zu 90% war dat de Plastikstour, ass en an de Servicer genannt ginn, dee kënne mer dann astelle well d'Leit dat zu iwwer 90% mat engem besseren Angebot wäerte bedéngt kréien. A fir de Rescht Fraktiounen déi dann nach bleiwen, ass et net justifiabel en vue vum Käschtepunkt dann nach de Recyclingstour dréinen ze loossen. Mä d'Leit behale jo Alternativen. Si behalen d'Alternativ vun dem Enlèvement vun den Déchets en vrac déi mer nach ëmmer all 14 Deeg maachen. Si kënne sech och fir besonnesch Saachen nach mol telefonesch melle bei de Servicer a si behalen de SIVEC deen nach ëmmer alles ewech hëlt. Esou dass mer mengen, dass et net justifizéierbar wier, dee Volumen do nach och wëlle separat anzesammelen. De Kolleg Hinterscheid wäert lech herno och kuerz soen, well ech mengen d'Norichte si gutt, wéi mer dat wäerte personalméisseg an och vun de Camionen hier, wäerte schmäisse fir keen Impakt op d'Fraise kënnen ze konstatéieren.

Dat gesot, wa mer dat hei dann elo haut stëmmen als Gemengerot wäert dat folgendermoossen oflafen. Ab dem Mëttwoch, dem 14. Abrëll wäerten dann hei an Esch déi éischte Kéier déi Tuten agesammelt ginn. Déi wäerten agesammelt gi vun eisen eegene Leit a mat eisen eegene Camionen. Et gëtt Gemengen déi hunn dat anescht gemaach. Do mécht Valorlux et selwer iwwert de Lamesch oder anerer. Mir hunn d'Optioun geholl fir et selwer en service interne ze maachen, mat eisen eegene Leit an eisen eegene Camionen. Wéi gesot ab Mëttwochs, dem 14. Abrëll. Déi Tute wäerten all 14 Deeg, an engem Rhythmus vun all 14 Deeg ewechgeholl gi wéi d'Glas wéi de Pabeier, well et keng périssabel Verpackunge sinn. Et ass net wéi de Gréngschnëtt oder wéi déi gro Poubelle wou aner Décheten dra sinn. Dat wäert ëmmer mëttwochs sinn. Deen ee Mëttwoch den Tour A, deen anere Mëttwoch den Tour B.

Wéi kommen d'Leit un déi Tuten? Si wäerte se verdeelt kréie vun der Gemeng, dat heescht, déi éischte Kéier wäerten eis Servicer dat ënnert d'Leit bréngen. Den Tour A den 10. Mäerz, den Tour B de 24. Mäerz. Also, iert mer ufänke mam Ewechhuele wäerte mer de Leit zwou Saachen an d'Boîte leeën. Si kréien engersäits eng Zort Agenda an e Journal du tri wou alles erkläert gëtt wat ee muss erklären. A si kréien e Rouleau vun 20 Tuten dobäi geluegt. Déi Tuten déi sinn deemno wéi ee se fëllt, déi hunn e Volume vu +/- 40 Liter an et kann ee schätzen, dass esou eng Tut, wann een dat e bësse vernünfteg mécht, geet dat duer fir eng Period vu 14 Deeg. Esou dass mer mat deem Rouleau vun 20 Tuten déi mer verdeelen d'Leit fir +/- ee Joer agedeckt hunn. Duerno kënnen d'Leit sech déi Tuten am Biergeramt, an nëmmen am Biergeramt besuergen. Well et sinn nëmmen Tute fir de Plastik. Et sinn net Tuten déi ee praktesch an ersatzweis kéint an d'Poubelle stieche fir anere Müll. Dofir verdeele mer elo net "à tire larigot", mä mir verdeelen déi op enger Plaz am Biergeramt a wann een een esou e Rouleau sech besuergt, brauch een nëmmen eemol am Joer beim Biergeramt ze passéiere fir sech d'Tuten ewech ze huelen. Ech mengen, dass dat e vertrietbaren Opwand ass fir all Bierger fir eng Kéier hei kuerz ze kommen, sech e Rouleau ze huelen an dann erëm e Joer laang kënnen agedeckt ze ginn.

Et muss een och kloer soen, dass et näischt kascht. De System ass an der Taxe déi mer elo hunn, mat integréiert, et ass also keen zousätzleche Käschtepunkt fir d'Leit. Au contraire, mir kréie souguer, vu dass mer jo dat mat den eegene Leit an den eegene Camione maachen, kréie mer dat iwwert d'Valorlux-Konventioun bezuelt. Mir kréien also eisen Opwand no engem bestëmmte Schema dee fir all d'Gemengen am Land deeselwechten ass, rembourséiert. Et occasionéiert also keng zousätzlech Käschten. Et wäert eis héchstens Käschte spuere well manner verbrannt gëtt, well mer manner Tonnagen uliwwere bei der Sidor. D'Leit kréien och elo schonn en éischten toutes boîtes fir se drop virzebereeden, dass dat elo geschwë kënnt. Dee gëtt an deenen nächsten Deel verdeelt. Mir wäerten och iwwert den Analyteschen an iwwert den Escher och nach eng Kéier de Leit dat erkläre wéi eng Fraktiounen déi PMCe sinn. P steet fir Plastik, M fir Metall, C fir Cartonagen. Dat heescht, net all Plastik, net all Metall an net all Carton, mä dat gëtt erkläert, wéi gesot d'Leit kréien do eng Rei Publikatiounen elo a kuerzer Zäit heem, wou ech mengen dass dann all d'Froe beäntwert sinn.

Voilà, dat war am Resumé wat et gëtt. Mir si frou dat kënnen ze maachen. Dat gëtt fir d'Leit en däitleche Gewënn u Confort an da mengen ech kënne mer definitiv behaapten, dass zu Esch d'Recyclingangebot net nëmmen dat ausgedehnsten ass am ganze Land, mä och elo dat confortabelst am ganze Land, well wierklech all d'Fraktioune praktesch an engem Holsystem doheem bei de Leit ewechgeholl ginn an dat ass mat Sécherheet eng gutt Saach fir eis Escher Bierger, fir d'Ëmwelt an och fir de Porte-monnaie vun de Bierger.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Ëmweltschäffen. Da géinge mer nach zu eisem Hygienesschäffe kommen, deen eis déi zousätzlech Explikatioune gëtt.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Merci. Also ech maachen et awer elo wierklech och kuerz. Also dat do war jo en Exploit, Här Schäffen.

Also, fir et da kuerz ze maachen, fir eis bedeit dat kee Méi-Opwand weder u Personal nach u Material, well mer et fäerdeg bréngen och an der Logik vum Recycling da souwuel déi Camionen déi mer haut hunn an déi fuere fir de Recyclingcenter op Rieder, wéi déi Leit déi domat beschäftegt sinn dann an déi nei Organisatioun do ze integréieren. Mir brauche fir dat do ze maachen eigentlech zwee Camione mat véier Mataarbechter déi do schaffen. Mir kucken natierlech, dat ka sech natierlech veränneren, well de Moment si mer dovunner ausgaangen, vun deenen heitege Quantitéiten déi mer kennen. Eng Extrapolatioun op vum recycelte Müll haut, vum Gesamtmüll, vun Erfahrenswäerter vun anere Gemengen. Mä mer démarréieren dann elo mat zwee Camionen a véier Aarbechter. Zwee vun deenen Aarbechter déi kommen aus dem Recyclingcenter op Rieder. An zwee vum Recyclingcenter fir d'Geschäftsleit, doduerch dass och domat dee Recyclingcenter reduzéiert gëtt, an och nëmmen nach do eng ganz kleng Fraktioun bleift. A mer hunn och nach Latitude dran, well deen Tour vu mëttwochs eigentlech ëmmer deen Tour war wou e bëssen en organisatorescht Lach dra war, well do nëmmen de Sperrmüll an déi Sondermüllfraktioune gefuer gi sinn. A vun dohier kënne mer da soen, dass mer mam bestoende Material a mat de bestoenden Effektiver déi Plusvalue fir eis Bierger domat kënnen ubidden an ech mengen domat hunn ech eigentlech vu menger Säit als Hygienesschäffen alles gesot. Also, esou wéi elo Dënschdes déi recycléierbar Fraktiounen am organeschen an an deenen anere Fraktioune fueren ass mëttwochs deen aneren Deel an Donneschdes gëtt jo och den Tour B gefuer. An domat mengen ech hu mer eng ideal Ofdeckung an eng ideal lineaire Auslaaschtung vun eise Servicer.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci deenen zwee Schäffen. Sinn do Wuertmeldungen? Den Här Jaerling, d'Madame Becker, den Här Huss.

Aly Jaerling (Indépendant): Merci, Madame Buergermeeschter. Ech mengen et kann een déi Initiativ ...

(Problème micro)

Merci, Madame Buergermeeschter, ech mengen dat do sinn Initiativen déi nëmmen ze begréisse sinn an déi de Leit absolut entgéint kommen. Besonnesch deene Leit déi net grad esou mobil sinn, déi sech net grad esou kënnen déplacéieren an déi och keen Auto hu fir kënnen op de Recycling ze fueren. Ech mengen et ass eng ganz gutt Initiativ.

Do wou ech e bësse Suergen hunn an ech hoffen, dass dat jo och lues a lues awer anescht organiséiert gëtt, dat ass wann d'Camionen, wann déi zu de Stousszäite fueren, dass een dat do vläicht misst organiséieren, dass net grad an de Stousszäiten d'Camionen déi am Fong de Müll ewechhuelen, dann an deenen Zäite fueren. Dass een do misst versichen dat awer e bëssen ze iwwerbrécken, well mer verschidde Stousszäiten hu wou d'Leit op d'Aarbecht fuere wou se erëm kommen. Ech weess, dass dat ganz schwéier wäert si mat deenen Trajeten déi déi Camionen hunn. Mä et schéngt mer awer, dass een dat kéint esou organiséieren, dass dat e bëssen do laanscht kënnt, fir dass net och doduerch nach deen een oder deen anere Stau entsteet.

Mä, ech géif mengen dass mer elo lues a lues awer e Müllkonzept hunn, wat all Mënsch entgéint kënnt an et kann een dat nëmme begréissen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Jaerling. Dann d'Madame Becker an duerno den Här Huss an d'Madame Hildgen.

Jeanne Becker (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech ka mech nëmmen dem Här Jaerling uschléissen an déi Initiativ do vun der Gemeng begréissen. Ech hätt awer zwou Froen an dat wier, ech hunn hei gelies „non admis" sinn do d'Margarinesdëppercher, d'Yoghourtsdëppercher etc. Wat maache mer dann domat? Besteet dee Recycling op Rieder wou mer do mussen zu enger gewëssen Zäit och nach goen oder gëtt deen, wat maache mer mat deenen Dëppercher? Well dat ass jo awer och Plastik, déi hu mer jo och an déi aner gemaach.

Da wollt ech nach eppes froen zu der Stabilitéit vun den Tuten. Well déi Tuten déi mer elo kréie fir de Plastik dran ze maachen, déi sinn esou fragil. Uewe wann ee se zou zitt, wann een e bësse fest zitt, da fällt de ganze Buttek auserneen.

Dann hunn ech nach eng Fro. Wat geschitt mat Blummendëppen, plastik Blummendëppen? Déi kann een nämlech net an déi Tute maachen déi een elo kritt vum Recycling fir de Plastik, well do fuere se futti. A gro Tuten huele se net mat. Muss een da mat senge Blummendëppen, wann een där am Plastik huet, wat jo awer e stabille Plastik ass, op de Recycling fueren? Et ass vläicht eng blöd Fro, Dir laacht elo alleguerten, mä ech sinn domat konfrontéiert an ech sinn och net esou mobil, dass ech kann, an ech hat elo laang keen Auto, an ech hunn do Plastik stoen am Haff zu der Däiwel eraus, an ech weess net wat ech domat ufänken. Duerfir wollt ech froen ob déi Tuten hei dann elo e bësse méi stabil ginn. An ob dat dann elo nach besteet wou mer mussen op de Rendez-vous goen? Well heiansdo wann een op de Rendez-vous kënnt, kënnt ee fënnef Minutte virun der Zäit si se net méi do. Well wa kee Mënsch méi kënnt, da fuere si. A wann dann ee fënnef Minutte méi spéit kënnt, dann hat hie Pech, da schleefs de däi Plastik erëm mat heem.

Dat ware meng Froen. Ech soen lech Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Madame Becker. Den Här Huss an d'Madame Hildgen.

Jean Huss (DÉI GRÉNG): Ech mengen et géif lech jo verwonnere wann ech als Grénge Member hei vun deem Gemengerot elo heimat net d'accord wier. Selbstverständlech ënnerstëtze mer och déi Initiativ hei vun eisem Schäfferot. Ech mengen dat wat hei gemaach gëtt dat ass engersäits dat wat op Gemengenniveau ka gemaach ginn, wat ka gemaach ginn, woufir eng Gemeng zoustänneg ass an zweetens awer och wat soll gemaach ginn. An ech mengen do sinn déi Erklärungen déi mäi Kolleg Félix Braz ginn huet, déi si genügend opschlossräich iwwert d'Problematik a firwat datt et sënnvoll ass a firwat datt mer dat do elo maachen. Hien huet zum Beispill higewisen, datt wann een net recycelt, datt dann d'Alternativ heescht bei d'Sidor féieren an do verbrennen. Wou bekannt ass datt grad Plastik wou mer hei dovunner schwätzen ee vun den Haaptproblemer ass dee bei engem Verbrennungsprozess zu

Dioxine ka féieren, wou mer awer dann um Niveau vun der Sidor jo awer an deene leschte Joeren Efforte gemaach hu fir dat ze verhënneren. Mä dat kascht deier. An dofir ass dat richteg, et ass also och e Käschtepunkt deen domat verbonnen ass. Duerfir ass Recycling natierlech vill méi eng sënnvoll Léisung wéi verbrenne beim Plastik an et ass nach vill méi eng sënnvoll Léisung wéi de Plastik, wat leider heefeg geschitt, einfach an d'Natur gehäit gëtt. Dat kënnt Dir iwwerall am Land besichtegen. Net nëmmen hei zu Esch, wann Dir spadséiere gitt.

Mer liewen an enger Zivilisatioun vum Plastik zënter 30, 40 Joer. Déi baséiert och op d'Äerduelegindustrie. D'Kunststoffindustrie ass baséiert op d'Äerduelegindustrie. A wann ee weess wéi mer riskéieren an den nächsten 20, 30 Joer Problemer mam Pëtrol ze kréien, mat de Quantitéiten ze kréien, dee Pic ass laang iwwerschratt, da spillt dat hei natierlech och eng Roll déi eis misst ze denke ginn a Richtung vu méiglechst Plastik ze vermeiden. An deem Sënn ass et ganz kloer, datt fir eis och als Gréng Recycling elo an deem wat mer kënne maachen, well mer an esou enger Zivilisatioun liewen, eng sënnvoll Saach ass. Mä ëmmer nëmmen déi zweetbeschte Léisung. Déi beschte Léisung wier esou wéineg Plastik wéi méiglech ze hunn. Esou vill wéi méiglech Plastik ze vermeiden. An och dat ass en Appel deen ech hei lancéieren, dee lancéieren ech dann hei um Niveau vun engem Escher Gemengerot, mä dat ass awer am Fong en Appel dee landeswäit an europawäit a weltwäit géif gëllen, méiglechst wéineg Plastik iwwerhaapt ze kafen. Well wann es manner kaaft gëtt, da gëtt es manner verbraucht an et lant es manner an der Natur. An deem Sënn wëll ech lech e mol e puer Zuelen hei ginn déi awer interessant sinn einfach fir d'Dimensioun. Et geet och hei e wéineg iwwert déi reng Problematik Valorlux an eiser Konventioun hei eraus. Mä et muss een awer wéineg mol och op esou Saachen hiweisen.

Mer hunn am Moment an deene leschte Joeren – wéi ech dat gelies hunn, hunn ech et net gegleeft – mir hunn an deene leschten 30, 40 Joeren, zënter datt déi Plastikzivilisatioun sech entwéckelt huet, hu mer souvill Plastik produzéiert, datt ee kënnt eise gesamten Äerdball sechsmol mat Plastikfolie ëmbannen. Et muss ee sech dat mol virstellen. An Zuelen ausgedréckt ass et esou, datt zum Beispill all Joer weltwäit 600 Milliarde Plastikstuten hirgestallt ginn. All Joer. 80% dovunner gëtt weltwäit leider net recycelt mä lant an der Natur. A wat heescht dat „lant an der Natur"? Mä zum Beispill, fir nëmmen een Déngen eraus ze geheien, wann ee spadséiere geet, gesäit een iwwerall esou Plastikstute leien, mä dat sinn u sech nach kleng Boboen. Nee, wat geschitt, dat ass, datt zum Beispill se iwwert d'Flëss an d'Mier gelaangen. An am Mier ass et och esou, datt een op engem Quadratkilometer Mierwaasser 18.000 Deeler vu Plastik erëmfënnt. No offizielle Statistike vun der UNO. 18.000 Stéckercher Plastik pro Quadratkilometer vun engem Ozean. Dat muss ee sech mol virstellen.

Wat sinn d'Konsequenze vun deem ganz Plastik, vun deem ganze Müll am Mier? Mä zum Beispill sinn 267 verschidden Déieraarten déi falen deem Plastik do zum Affer. 267 verschidden Déieraarten. Well ee se iwwerall fënnt. Dat heescht, mir hunn also engersäits e Problem vu Rohstoffverschwendung mat deem ganze Plastik, mir hunn e Problem vun Naturverschandelung mat deem ganze Plastik, mir hunn e Problem vun Ozeanverschandelung, e Problem vun Déiereschutz mat deem ganze Plastik a mer hunn nach e leschte Problem deen eis selwer nämlech ugeet, well eng ganz Partie vu Plastikszorten, net all, mä eng ganz Rei vu Plastikszorte si gesondheetsschiedleg, nogewisenermoosse gesondheetsschiedleg. An et gëtt op europäescher Ebene zënter e puer Joer schonn driwwer diskutéiert fir eng Rei vu Substanzen am Plastik ze verbidde carrément. Wat deelweis geschitt ass, zum Beispill mat verschidde sougenannte Weichmacher, Phtalaten, den DEHP beispillsweis oder Sirolverbindungen déi besonnesch fir d'Kanner problematesch si wa se Plastik, zum Beispill Plastikspillsaachen an de Mond huelen. Ech mengen et ass also esou, datt mer hei ze dinn hu mat engem Problem, wou d'Vermeiden d'éischt Prioritéit muss sinn an dann eréischt kann de Recycling kommen. Aus all deene Grënn déi ech virdrun opgezielt hunn.

Ech wollt dat hei soen, well dat e Problem ass vun deem net méi genuch geschwat gëtt. Mir musse kucken an eng Zivilisatioun eran ze kommen déi erëm méi vum Plastik ewech kënnt, déi erëm op méi natierlech Stoffer zeréckgräift a vun dohier ass Vermeidung éischt Prioritéit an dann eréischt kënnt de Recycling. Dat gesot ass et natierlech kloer, datt dat heiten e ganz sënnvolle Projet ass. Ech mengen et ass sënnvoll aus zwee Grënn. Engersäits, well awer elo méi recycelt ka ginn iwwert deen dote Wee. Zweetens fir d'Leit hei, fir déi Escher Leit och well et doheem ofgeholl gëtt. Wat natierlech eng besser Léisung ass wéi wann ee muss mat Plastiksfläschen an Tute, wéi dat bis elo nach de Fall war, ... dat heescht hei gëtt vum Schäfferot also eppes vill besseres proposéiert wéi mer bis elo haten.

Just eng Fro nach do derbäi déi ech hunn. Et gëtt gesot eng Rei Saache sinn net admis, kënnen net an déi Tute geholl ginn. Dat ass zum Beispill da Plastikstuten, et ass Yoghourtsbecheren an esou weider, et ass och Plastiksspillsaachen, déi däerfen net do an déi hei Déngen erakommen. Wou ech mer d'Fro stellen, firwat dat de Fall ass? Ass dat de Fall well déi Zorte vu Plastik eventuell net recyclabel wieren? Dat kéint jo eng Méiglechkeet sinn, datt se net recyclabel wieren an also awer trotzdem da mussen an der Sidor landen. Mä ech mengen awer, datt insgesamt gesinn et schonn e Fortschrëtt ass, quitte dass wéi gesot, datt ech gär eng Äntwert hätt. Ech weess dat selwer net. Wéi gëtt dat geléist? Firwat maache si dat net? Firwat huele si déi dote Saachen net un? Well elo wat geschitt, natierlech lande se dann an der normaler Dreckskëscht an awer an de Sidor ginn, déi Saachen déi elo net kënnen hei doranner.

Dat gesot ass natierlech kloer, datt ech och wäert do derfir stëmmen, well et awer e sënnvolle Fortschrëtt ass, besonnesch och well et bei de Leit ofgeholl gëtt. Mä ech bleiwen dobäi, et muss och de Message dobäi verbonne sinn, esou wéineg wéi méiglech Plastikssaachen akafen aus all deene Grënn déi ech gesot hunn.

Aly Jaerling (Indépendant): Do muss Der lech awer och un d'Produzente wenden, net nëmmen un d'Konsumenten.

Jean Huss (DÉI GRÉNG): Selbstverständlech ass et esou wann ech soen, datt wann ech soe mir musse kucken ewechkommen, dann huet dat mat de Produzenten ze dinn. Dat heescht mat der Politik an Europa, zum Beispill um ieweschten Niveau, datt eng ganz Partie vu Saache carrément verbuede ginn, aus dem Circuit geholl ginn. Et ass net nëmmen en Appel un de Konsument. Mä wann de Konsument awer Drock mécht, da geet bei de Politiker vläicht éischter d'Luucht do uewen op, datt se esou Mesuren ergräifen.

Aly Jaerling (Indépendant): Déi meescht hu kee Geliits.

Jean Huss (DÉI GRÉNG): Här Jaerling, ëmmerhi si vun der europäescher Kommissioun e puer Weichmacher, DEHPen an esou virun, déi geféierlech si scho verbuede ginn, zumindest a Spillsaachen. Leider nach net insgesamt.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Här Huss, loosst lech net esou schnell ënnerbriechen.

Jean Huss (DÉI GRÉNG): Ech muss dem Här Jaerling heiansdo soen, datt hien déi minimalste Saachen am Fong geholl misst kennen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Huss. Et ass dann un der Madame Hildgen an duerno nach kuerz um Här Weidig.

Annette Hildgen (CSV): Merci, Madame Buergermeeschter. Also ech mengen et ass fir keen eng Neiegkeet, datt mir dat hei mat ënnerschreiwen, well mir si schonn, also ech perséinlech si scho praktesch 10 Joer amgaang fir de Valorlux, fir déi ze promovéieren, well ech dat eng ganz flott Saach fannen. 10 Joer, vun Ufank u wollt ech schonn dee Valorlux do hunn do, a ganz einfach et waren, et si verschidde Saachen net richteg gelaf. Zum Beispill déi Zäite wou de Plastik ofgeholl ginn ass, dat waren Zäiten, déi eigentlech net esou an d'Beruffsliewe vun den aktive Leit gepasst hunn. Dat war heiansdo nëmme fir eeler Leit, respektiv fir Rentner. Déi konnten dohinner goen an ech hunn awer erausfonnt, datt bei eelere Leit zum Beispill, datt do nach net esou vill recycléiert gëtt. Déi jonk Leit, déi kréien an de Schoule scho matgedeelt mir musse recycléieren, déi eeler Leit déi hunn dat iergendwéi nach net esou verstanen an heiansdo héiert ee souguer déi Ausso „ech brauch dat net méi ze maachen, esou vill hunn ech jo och net". An ech géif elo dem Här Schäffe Braz un d'Häerz leeë fir och nach erëm eng Kéier eng Campagne de sensibilisation ze starten. Dir hutt gesot, d'Leit ginn informéiert, si kréien hir Tuten, si kréien en Depliant an d'Boîte gehäit fir ze soen, voilà et ass wichteg. Och fir déi Leit déi bis elo nach net recycléiert hunn, et ass wichteg fir ze recycléieren. Vläicht opziele firwat et gutt ass an et géif vläicht hëllefe fir datt mir e bësselche méi Plastik géife kréien, well Dir wësst jo an Dir hutt et selwer gesot, datt mir ënnert dem landeswäiten Duerchschnëtt leien hei zu Esch wat de Recyclage vum Plastik ubelaangt. An dat ass fir Esch natierlech guer keng Bonne note. Elo kënnt déi Méiglechkeet datt mer dat e bësselchen anescht kënne kréien, well et huet och net ëmmer geklappt mat deene Leit déi ech awer elo net wëll all an en Dëppe geheien, déi bei deene Camionen do stoungen. Zum Beispill, wann Dir komm sidd an eng eeler Dame huet gesot, hei kënnt Dir mir meng Tut mathuelen, déi gehbehënnert war an et ass ee mat zwou Tute komm, ass een ëmgedréint ginn op e bëssen eng ruppeg Manéier an et ass gesot ginn, mir huelen nëmmen eng Tut. Wat hutt Dir gemaach? Fir d'zweet gitt Dir net méi dohin. Dat ass natierlech ganz schued. Ech mengen dat ass jo elo och eriwwer. Well esou wäit ech weess, hëlt d'Valorlux zwou Tuten, dräi Tuten. Si huele se déi déi do stinn. Do gëtt absolut net diskutéiert, et gëtt einfach matgeholl.

Wat och nach ass bei Reen a bei Schnéi, sinn d'Leit och net esou séier dohinner stoe gaangen. Well déi Leit hu sech awer scho Méi gemaach, eeler Leit zum Beispill an och aner Leit déi hu gesot, hei lauschtert mol ech stinn dach net eng Véierelstonn do ze waarden, et ass mir kal. Wat ass geschitt? De Plastik deen ass an d'Dreckskëscht geflunn.

Wat mer nach gären hätten, dat wier no engem Joer, Här Braz, no engem Joer eng Evaluatioun ze kréie wéi et dann elo ausgesäit a wéi d'Resultat ass.

Fir de Rescht si mer absolut d'accord a mir si gespaant wéi et viru geet. Et huet natierlech wéi alles op der Welt, et huet seng Desavantagen. Wann erëm eng Kéier e Stuerm kënnt wéi d'leschte Kéier, da sinn ech iwwerzeegt datt do yet där Plastikstuten e bëssen op d'Strooss gehäit ginn, mä dat hu mer dës Kéier och mat den Drecksbacke gehat déi eidel waren. Déi loungen och matten an der Strooss. Vu datt jo awer Gott säi Dank net all Ablack esou e Stuerm kënnt, mengen ech ass dat net esou schlëmm.

Wou een nach e bësse Schwieregkeeten huet, wann d'Leit déi Backen déi se dra maachen, wa se déi net propper maachen, an dat ass en Desavantage, da kënnt an der Nuecht kënne Rate kommen, et kënnen Déiere kommen, Hënn oder Kaze fir dat opzerappen. An och dat ass net flott wann dat dann duerch d'Gaasse rennt. Mä mir hoffen datt dat awer net esou dacks virkënnt. An et wier och zum Beispill, Här Braz, nach eng Kéier de Leit ze recommandéieren datt se déi Saachen déi se dra maachen, datt se déi effektiv eng Kéier auswäschen. Hunn ech mer awer soe gelooss, wa se déi da mam Spüli géifen auswäschen, also am Spullwaasser, géife se méi d'Ëmwelt schuede wéi wa se géifen et einfach knaschteg erageheien. Dat hunn ech mer vun engem Ecologist soe gelooss. Et huet mer vläicht ageliicht, ech weess et net. Mä wa se dat géife propper maachen oder se géifen zum Beispill och nach déi Fläschen déi se hunn einfach kleng maachen, mam Fouss eng Kéier drop trëppelen, dat kann all Mënsch maachen, dann hu mer schonn d'Halschent vum Volume an da géife se och besser eens gi mat deenen Tute fir déi ze fëllen. Well eng Plastiksfläsch hëlt natierlech ganz vill Plaz ewech. Mä wéi gesot wa se kleng gemaach ass, dann ass et d'Halschent. Dat géif ech hinnen och recommandéieren.

An Dir wäert gesinn dat do dat gëtt e Succès a mir hoffen dann dat d'nächst Joer, datt mer kënne soen, voilà elo si mir och um Duerchschnëtt landeswäit wat de Recyclage vum Plastik ubelaangt. Ech soen lech Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Madame Hildgen. Dann den Här Weidig.

Paul Weidig (LSAP): Ech wëll mech de Virriedner uschléissen an deem Sënn, dass et sécher wichteg ass, dass déi Initiativ geholl gëtt. Natierlech musse mer fir d'éischt versichen ze vermeiden. Mä ech wëll awer drop hiweisen, dass déi ganz selektiv Asammlung mat enger ganzer Rei vu Problemer verbonnen ass.

Éischtensmol, alleguerten déi Leit déi mussen trennen, déi hunn déi Problemer, dass 'Plastik' nach laang net ëmmer 'Plastik' ass. Et ginn 100 verschidden Zorte vu Plastiken, deen een ass recyclabel, deen aneren net.

Deen zweete Problem ass manifestement e Problem vum Stockage. Wann een da fënnef oder zéng Tuten do leien huet, wou stellt ee se hin? Et huet net jiddweree Plaz genuch.

An deen drëtte Problem ass natierlech déi vill Camionen déi mussen an den Asaz komme fir déi Tute getrennt ze sammelen, wat mat Loftverschmotzung, Kaméidi a Behënnerung am Verkéier verbonnen ass.

Ech sinn iwwerzeegt dovun, dass déi richteg Léisung déi ass, déi elo an Däitschland mat groussem Erfolleg experimentéiert gëtt. Bei dem Projet gëtt alles zesummen agesammelt an dann, iwwer Bänner an aner Verfahren, den Offall no Fraktioune getrennt, déi dann entweder recycléiert, thermesch verwäert oder

deponéiert ginn. Bei dësem Prozess si se à même wäit méi Undeeler vu Fraktiounen erauszehuelen wéi beim getrennten Asammelen, mat deene beschriwwenen Nodeeler. Ech sinn iwwerzeegt, dass dat d'Léisung fir d'Zukunft ass. Well, trotzdem mer vill Moyenen en Oeuvre setze fir d'Leit ze sensibiliséieren, géif ech awer mengen, dass et leschten Endes ekologesch dat sënnvollst ass, alles zesummen anzesammelen an dann e gemeinsamen Tri ze maache mat ganz performanten Utilen.

Merci fir Äert Nolauschteren.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Weidig. Da géing ech proposéieren, dass de Schäfferot kuerz äntwert op déi Froen déi gestallt gi sinn.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Jo, ech soe virun allem Merci fir déi eestëmmeg Ënnerstëtzung fir eise Projet hei kënnen unzefänken.

Zweet Remarque, d'Madame Hildgen huet nach eng Kéier widderholl wat ech scho gesot hat, dass mer beim Plastik ënnert der nationaler Moyenne leien. Fir dass dat Bild awer elo net falsch geschwäerzt gëtt, nach eng Kéier: Mir si bei all deenen anere Fraktiounen zu Esch virbildlech par rapport zum Land, ënner anerem well dëse Schäfferot déi blo an déi brong Poubelle agefouert huet. Dat ass elo schonn eng Situatioun wou mer am Land als Virreider, Spëtzereider gëllen a Saache Recycling. Dat eenzegt wat nach gefeelt huet ass dat hei an dat hu mer dann elo och ab Abrëll, esou dass mer kënne wierklech soen, am Recyclage ass d'Stad Esch definitiv ënnert dëse Schäfferot zu engem Virreider am Land ginn.

Den Här Weidig huet e puer Saache gesot déi ech kuerz wëll beäntweren. Dat mat de Camionen, Här Weidig, also fir et nach eng Kéier kloer ze soen, d'Aféierung vun der Collecte à domicile vum Plastik schaaft eis keng Fraisen. Keng Fraisen. Mir hu wann een esou wëll, de Recyclingcenter op Rieder recycléiert. Mir hunn déi Leit an dat Geschier anerwäerts esou agesat an et kascht eis doduerch kee Su weider. Et ass just wéi gesot, et kann eis hëllefen e puer Suen ze spuere bei der Sidor wou mer jo och do sinn.

Dann hutt Dir dat Beispill genannt vun Däitschland wou se rezent manner selektiv ass an herno praktesch en Tri maachen. Ech wëll just soen, dass dat wat mir elo maachen, dat do jo net verhënnert. Dat hei ass net de Contraire do dervun. Wa mer dës Infrastruktur bis um Rullen hunn an et géing national décidéiert ginn tëschent Stat a Valorlux, tëschent Regierung a Valorlux op en anere Wee ze goen, da kann eis Infrastruktur déi mer elo en place setzen, datselwecht och ouni Tri préalable doheem asammelen. Dat heescht och an där dote Perspektiv ass dat wat mer haut maache richteg. Et ass keng Alternativ zu deem wat mer haut maachen. Mä wa mer och hei zu Lëtzebuerg eis géingen an déi Richtung entwéckelen, dann hätte mir mat deem wat mer elo décidéieren d'Grondlag geluegt. Et ass also egal wéi richteg wat mer haut hei maachen.

Dann déi Fro vun den aneren Zäiten. Den Här Hinterscheid kann och vläicht kuerz nach drop agoen, Här Jaerling, mä, Här Jaerling, ech probéieren op Är Fro ze äntweren. Den Här Hinterscheid wäert lech nach kuerz och op d'Camionen äntweren, mä nach eng Kéier, mir maachen dat schonn esou wäit wéi et geet de Verkéier net ze behënneren. Et ass mir jo och als Verkéiersschäffen net egal ob déi Camionen hënneren oder net. Et gëtt eng eenzeg Alternativ, mir kënnen et maache wéi an anere grousse Stied während der Nuecht. Mä da maache mer awer ganz Esch waakreg. Ech mengen net, dass mer op dee Wee solle goen. Ech menge mir solle bei deem bleiwe wat mer hunn.

Dann, d'Madame Becker hat nach e puer Froe gestallt, och anerer, zu deem wat se huelen a wat se net huelen. Och den Här Huss. Et ass kloer, d'Valorlux mécht zu Esch dat wat se an deenen aneren 99 Gemengen am Land och mécht. Déi eng Saachen hëlt se, déi aner Saachen hëlt se net. Dat ass net négociabel, dat huet mat de Filièren ze dinn déi si hannendru konnten opbauen an deene leschten 10 Joer. Wat ass technesch recycléierbar? Wat ass sënnvoll? An esou weider an esou fort. Dorop hu mir keen Afloss. Wa mer mat der Valorlux schaffen, dann ass et fir all Escher Bierger fir eng ganz Partie Saache méi bequem a besser wéi virdrun. Valorlux brëngt keen Nodeel. Valorlux brëngt op enger Rei vu Fraktiounen keng Verbesserung an op enger ganz grousser Rei vun Offallfraktioune Verbesserungen. Déi Problemer déi mer mat Valorlux behalen hu mer och elo schonn. Well wa mer de Plastik einfach an d'Sidor geheien, dat ass och keng ideal Léisung. Also Valorlux brëngt op näischt eng Verschlechterung. Si ass bei verschiddene Punkten neutral. Bei anere brëngt se Verbesserungen. Dat ass déi richteg Duerstellung. Mir hunn dorop keen Afloss. D'Leit hunn awer nach ëmmer e puer Méiglechkeeten. D'Madame Becker seet, besonnesch déi Leit déi net esou gutt op de Bee sinn. Och fir déi, Madame Becker, ass d'Valorlux eng Verbesserung. Well bis elo hutt Dir alles musse bei de Recyclingcenter op Rieder zu Fouss, mat Tuten am Grapp bréngen. Dat bleift lech elo alles erspuert. Dat heescht, dat eenzegt wat elo nach ass, déi Fraktioun déi si net huelen, kann een nach ëmmer bei de SIVEC bréngen. Et kann ee se och nach ëmmer bei d'Superdreckskëscht bréngen, hunn ech virdrun net erwähnt. D'Superdreckskëscht fiert jo och véier mol am Joer duerch Esch. Wann een also Fraktiounen huet déi een net wëll an déi gro Poubelle geheien, déi een awer wëll lass ginn, et kritt ee véier mol am Joer och iwwert de Wee vun der Superdreckskëscht, déi och mat eis eng Konventioun huet, nach eng Kéier d'Méiglechkeet dat lass ze ginn. Also et kritt een net alles jiddwerengem doheem separat virun der Diere ofgeholl. Dat gëtt et zu Esch grad esou wéineg wéi an deenen aneren 99 Gemengen. Mä sécher ass, alles wat mir elo maache brëngt Verbesserungen. Et ass also näischt wat verschlechtert gëtt. Et gëtt alles nëmme verbessert duerch dës Konventioun. An et bleiwen e puer Fraktiounen, Madame Becker, wéi virdrun, wou Dir musst entweder an déi gro Poubelle geheien. Idealerweis géing Dir dee Plastik vläicht vermeiden. Probéiert en ze evitéieren. Wann lech dat net geléngt, da muss e vläicht heiansdo och bei Verschiddenen awer nach eppes an d'gro Poubelle fléien. Oder soss, notzt de SIVEC, notzt d'Superdreckskëscht. Et gëtt Alternative genuch. Et kann een net jiddwerengem alles wat e sech iergendwann eng Kéier kaaft huet als Gemeng tatsächlech separat doheem ewechhuelen an esou wäit kréie mer et net gedriwwe beim beschte Wëlle vun der Welt.

Dann nach e lescht Wuert zu der Campagne déi d'Madame Becker nach ugereegt hat. Mir wäerte selbstverständlech och wéi an der Vergaangenheet weiderhin sensibiliséieren um Thema vum Recyclage, um Thema vun der Vermeidung vun Offäll. Duerfir hu mer jo och déi blo Poubelle agefouert, duerfir hu mer déi brong Poubelle agefouert, duerfir féiere mer dat heiten elo an. A mir kënnen ëmmer nach een Depliant an eng Informatioun méi maachen. Wann de Gemengerot d'Krediter stëmmt, dann ass den Ëmweltschäffen net méi wéi frou fir se kënnen deem Zweck do

zou ze féieren. Mä ech mengen awer, dass mer och elo bei der Aféierung heivun erëm eng Kéier immens vill Sensibiliséierung solle maachen. A wann dat an 99 aner Gemengen dozou gefouert huet, dass d'Leit informéiert waren, da mengen ech, déi Escher sinn net méi domm wéi déi aner. Ech menge si si minimum esou gescheit wéi all déi aner, da brauche mer hei net méi Campagnë wéi op anere Plazen.

An nach eng Kéier Merci fir de Vote.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote. Ah nee, entschëllegt. Ech hat vergiess, dass den Här Hinterscheid nach e puer punktuell Äntwerten als Hygienesschäffe wollt ginn.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Jo, ech wollt eigentlech op déi Remarque vum Här Jaerling wat d'Stousszäiten ugeet, fir ze evitéieren dass d'Müllcamione just a Stousszäite fueren. Da muss ee sech eens gi vu wat fir enge Stousszäiten dass ee schwätzt. Nee, elo näischt anzügleches, mä wat deem enge seng Stousszäite sinn, dat sinn net deem anere seng Stousszäite wat d'Deplacementer ugeet. An dertëschent hu mer dann och nach ...

Ech mengen et ass Freiden, et mierkt een dass et an de Weekend lass geet an dass d'Leit hannert allem eppes anescht gesinn.

Dass mer musse kucken dass mer d'Nuetsrou respektéiert kréien. D'Accèsen an d'Schoule respektéiert kréien, den Duerchgangsverkéier respektéiert kréien, dass mer mussen dee Moment d'Aspiratioune vun den Escher Bierger, déi jo och vläicht verschidden Ententen hunn, eis Servicer hunn. A last but not least an deem ganze Spill gëtt et dann do och nach den Droit du travail an de Kollektivvertrag an och d'Rechter an d'Aspiratioune vun deene Leit déi dat jo musse maachen. A mer versichen dauernd do an deem Maelstrom dat idealt erauszefannen an ech mengen, dass et de Moment eigentlech fonctionnéiert. Alles wat elo nach fir d'Fluidiséierung vum Verkéier géing eng Verbesserung bréngen, dat geet op d'Käschte vun der Nuetsrou wéi och den Ëmweltschäffen et gesot huet. Et muss ee sech dann awer d'Fro stellen ob dat dat wäert ass. Ouni mol vun de Käschten ze schwätzen déi d'Nuetsaarbecht weider bedeit an och d'Astreinte fir déi Leit déi et musse maachen.

Et si Momenter a verschiddene Quartiere wou et dann e bëssen enk ass, mä heiansdo e bësse Gedold ass jo och net schlecht. An et stellt jo och eigentlech nëmmen e Problem duer wann ee sech am Individualverkéier versicht duerch Esch ze quälen. Wann een zu Fouss fiert oder mam Vëlo fiert ass et scho vill manner komplizéiert. Voilà, dat gesot.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Hinterscheid. Da kéime mer elo zum Vote.

Conseillers présents:
M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le conseil Communal approuve à l'unanimité la convention entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et l'asbl Valorlux.

5. « Escher Kulturfestival 2010 » et « Escher Kulturlaf 2010 » :
a. information
b. conventions ; décision

Sou, mir géingen da weiderfuere mam Punkt 5. Dat ass eisen Escher Kulturfestival 2010 an den Escher Kulturlaf. Do géing eise Kulturschäffen eis doriwwer informéieren an och d'Konventioune virstellen.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter. Ech mengen, nodeem dëst Joer de Site Patinoire säin Numm gutt gebraucht huet, well mer hate ganz laang dëst Joer kal an eng Äispist an et hunn och vill Leit déi ech hei gesi ronderëm dovu profitéiert, souwuel vum Schlitt wéi och vun der Äispist, wat och ëmmer eng ganz flott Saach ass, si mer awer frou dëst Joer och elo mol no vir ze kucken an de Site erëm anescht ze gebrauchen.

Et ass dëst Joer déi 10. Editioun vum Festival. Ech mengen, dat muss een ervirhiewen. Et ass schonn 10mol wou mer de Festival hei zu Esch organiséieren. Dëst Joer ass et Freides, den 3., Samschdes de 4. a Sonndes de 5. September. D'Struktur vum Festival bleift déiselwecht. Mir hu Freides a Samschdes hei an de Stroosse vun Esch a Sonndes mëttes an Owes dann um Gaalgebierg op der Patinoire deen traditionelle Festival. Méi Rock fir déi Jonk an déi manner jonk.

D'Konventioun ass och déiselwecht. Mir hunn dorunner näischt geännert. Wat ech wollt soen, ass dass d'Gespréicher mat de Sponsoren och gutt viruginn. Mir hunn all eis Sponsoren dëst Joer behalen déi aus dem Privatsecteur. Mer kréien och nach een oder deen anere bäi. Dat weist jo de Succès vum Festival an ech mengen et weist och, an Dir gesitt trotz deem Wieder wat mer leider ëmmer ufanks September hunn, dass déi Escher entretemps doranner gewinnt sinn an och wëllen dass et esou soll virugoen. Mer hunn déi zwou Konventioune beienee gesat, well de Kulturlaf och zënter zwee Joer deeselwechte Samschden nomëtten ass, nodeem déi éischt Editioun vum Kulturlaf Sonndes moies war, wat manner Succès war. Et ass ni gutt Sonndes moies ze lafen, dat hunn och d'Organisateure vum Kulturlaf erausfonnt an déi zwou lescht Kéieren ass Owes gelaf ginn, wouvunner de Kulturfestival konnt profitéieren, well d'Spektateure vum Kulturlaf do waren an och de Kulturlaf konnt ëmgedréint profitéiere well d'Spektateur vum Festival do sinn. A wat sech ganz positiv bewäert huet a wou generell ganz gutt ugeholl ginn ass. Et heescht jo och e Kulturlaf. Mer haten, ech brauch nëmmen drun ze erënneren de Mergenthaler dee virum Theater war. Mir hate virun der Kufa an esou weider an esou fort, a laanscht de Conservatoire an dat geet och weider esou. Mir hunn dëst Joer fir d'éischt eng Konventioun mat den Organisateure vum Kulturlaf. Déi hunn ëmmer e Subsid kritt an et ass op Propositioun vun der Subsidekommissioun, dass gesot ginn ass, maacht eng Konventioun, wat mer och gemaach hunn, a wou Dir gesitt wou mer déi 10.000 Euro am Kader vun enger Konventioun festgehalen hunn.

Ech kann lech nach keng Nimm nenne vun Artisten déi wäerte kommen. Vu dass d'Konventioun jo nach net ënnerschriwwen ass, huet een ëmmer besser mol ze waarden. Et ass ni eng schlecht Surprise déi nach kann opstoen, wann d'Konventioun ënnerschriwwe gëtt vun lech oder vun lech gestëmmt gëtt, da wäerte mer och geschwënn eng Pressekonferenz hale fir lech déi éischt Artiste kënne virzestellen.

Ech sinn à Dispositioun fir weider Froen, mä fir de Rescht ännert et näischt mat deene Konventioune vum Joer virdrun. An de Montant ass jo och laang während de Budgetsdiskutioune diskutéiert ginn, esou dass do och keng Surprise ass. Esou dass ech lech bieden, déi zwou Konventiounen ze stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Tonnar. Den Här Baum huet sech gemellt.

Marc Baum (DÉI LÉNK): Merci. Den Här Kulturschäffen huet et gesot, et ass déi 10. Editioun vum Festival. A fir mech stellt sech just eng Fro an deem Kontext. Dat ass mir maachen eng Konventioun mat enger ASBL déi sech ëm d'Organisatioun vun deem Festival bekëmmert. Mir hunn awer och elo en nei geschafene Service culturel an d'Fro ass déi ob et net méi sënnvoll wier an Zukunft op de Wee ze goe fir dee Service culturel, dee jo och mat Personal ausgestatt ass, mat der Organisatioun vun deem Kulturfestival ze beoptragen? An net méi eng ASBL.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Baum. Sinn nach aner Wuertmeldungen do? Da géing ech proposéieren, dass den Här Tonnar direkt op déi Fro vum Här Baum äntwert.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): Also den Här Waltmans ass ganz aktiv an där ASBL bedeelegt. Hie gëtt och Member an der nächster Generalversammlung wann d'Memberen d'accord sinn. Wat ech fir sënnvoll halen. An et ass och esou, dass hie ganz aktiv mat schafft an der Organisatioun vum Streetfestival an d'ASBL ass och amgaang ze décidéieren, ob hien net soll chargéiert ginn, de Service culturel, fir dat ze organiséieren, dass mer keen Intermediaire méi géife brauchen. Déi Diskussioun do ass en cours mä dee Service, wësst Dir jo och, dass deen eréischt zënter 6 Méint en place ass a mir wëllen net direkt, ech mengen den Här Waltmans huet mol nach kee CDI, esou dass mer net direkt ee kënne mat esou Saache behaften. Mä d'ASBL ass op jidde Fall ganz gär bereet do hir Pouvoiren ze déchargéieren.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Tonnar. Da kéime mer zur Ofstëmmung. Déi zwou Konventiounen zesummen.

Conseillers présents:
M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les conventions avec l'asbl Escher Kulturfestival et avec l'asbl Escher Kulturlaf.

6. Flèche du Sud 2010: convention avec la Vélo-Union Esch pour l'arrivée de l'étape finale; décision

Gutt. Iwwert d'Kultur an d'Lafe kéime mer da bei d'Vëlofueren an hei geet d'Wuert dann un den Här Hinterscheid fir de Punkt 6, do stelle mer d'Konventioun mat der Vëlosunioun vir fir d'Flèche du Sud 2010.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter. Also an därselwechter Logik e bësse wéi dat wat de Kulturschäffe mam Kulturlaf gesot huet, fänke mer u mat de Veräiner déi gréisser Organisatiounen hunn, déi awer zum Standard-Organisatiounskalenner vun der Stad Esch gehéieren, regelrecht Konventiounen ze maachen. Dat hei ass och eng Demande déi scho méi laang vun der Vëlosunioun artikuléiert ginn ass, well et och fir si e grousst finanzielt Engagement ass. D'Flèche du Sud ass déi gréissten Amateurscourse am Land déi um Niveau vum internationale Vëlossport deen héchste Level am Amateurberäich huet an déi eng ganz grouss international Renommée huet an och ëmmer e ganz flott Evenement ass. Well mir och wëllen als Escher Gemeng vun eisem Escher Club ëmmer d'Arrivée wëlle behalen hei zu Esch, also et ass, d'Buergermeeschtesch huet eng Kéier gesot bei der Presentatioun vun der Flèche du Sud, dass et wéi beim Tour de France ass, et ass egal wou de Prolog stattfënnt, mä d'Arrivée ass um Parc des Princes, nee, de Champs Elysées ... Si war och ganz fréier am Parc des Princes, also fir déi déi sech méi fir de Vëlo ...

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Esou Detailer weess ech net.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Nee, op de Champs Elysées, an esou ass et och mat der Flèche du Sud. Also, et ass egal wou se fort fiert a wou de Prolog gefuer gëtt, d'Haaptsaach ass si kënnt hei zu Esch un an domat hu mer dann och déi Konventioun a mer géingen och wierklech d'Leit invitéiere kucken ze kommen, well et gëtt ëmmer ganz flotte Vëlossport do gebueden. D'Madame Hildgen, si huet den Avantage, si sëtzt en première loge, si ka vun der Terrass aus nokucken. Et gëtt véier Passagen iwwert d'Ligne d'arrivée an der Kanalstrooss mat engem ganz grousse Circuit duerch Esch an et ass ëmmer ganz interessant. Avis aux amateurs. Sonndes no Christi Himmelfaart ass d'Arrivée hei zu Esch an hei ass d'Konventioun wéi d'Organisatioun an d'finanziell Participatioun vun der Gemeng regelt.

Bon, ech mengen et ass déiselwecht wéi se mat all Gemeng ofgeschloss gëtt. Mir mussen näischt extra bezuele well mer d'Ville vun der Arrivée finale sinn, well et jo awer traditionell vun eisem Club ass a mir och ëmmer nach e bësse méi logistesch Hëllef bäisteieren.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Madame Hildgen.

Annette Hildgen (CSV): Merci, Madame Buergermeeschter. Eng ganz kleng Fro un den Här Schäffen Hinterscheid. Et ass alles opgezielt wat déi Organisateure gär hätten an do steet: Deux poteaux pour la fixation du panneau "Arrivée". Dat ass bei mir duerchgestrach. Ass dat gewollt oder gëtt déi net méi opgeriicht?

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Dat ass gewollt well et déi bei eis gëtt. Bei deenen anere Gemengen, et ass d'Standardformule d'Konventioun déi se bei deenen anere Gemengen och maachen. Mir hunn déi do. Déi sinn do.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Gutt. Au vote.

Conseillers présents:
M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonar – M. Paul Weidig – M.

Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la Vélo Union Esch.

7. Convention avec l'association „Cercle d'Escrime" dans le cadre des activités sportives de la LASEP; décision

Mir bleiwen dann nach beim Sport am Punkt 7. Do geet et ëm eng Konventioun mat der Associatioun Cercle d'Escrime. Am Kader vum Schoulsport vun der LASEP.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter. Dir kënnt lech drun erënneren, dass mer an der virleschter Sitzung eng Délibératioun hei haten iwwert d'Harmoniséierung un den Indemnitéiten déi mer de Participanten an eisem Sportförderprogramm zoukomme loossen. Hei ass eng éischt, net eng éischt Konventioun mä hei ass eng weider Konventioun déi mer mat engem Club maachen deen eis ausgebilten Trainer zur Verfügung stellt an eisem ganz wäit gefächerte Sportprogramm vun der LASEP. An eppes wat ganz vill Interêt fënnt bei de Kanner well se et net esou kennen, well et e Sport ass deen ee mol um Fernseh gesäit an an den Degen a Cape Filmer mol heiansdo nach gesäit. Mä et ass awer e Sport dee ganz vill Selbstdisziplin erfuerdert, ganz vill physesch Konditioun, ganz vill raimlech Koordinatioun a mer si frou, dass mer och kënnen dat elo mat ubidden am Kader vun eisem Sportförderprogramm, am Kader vun eisen Aktivitéite vun der LASEP. An dofir hu mer déi Konventioun hei mam Cercle d'Escrime ofgeschloss. Et ass déi Standardkonventioun wéi mer se och mat der Espérance, mam CA Fola schonn ofgeschloss hunn. Hei ass also e weidere Veräin dee sech als Veräin an eise Sportförderprogramm an an d'Lasepsaktivitéiten integréiert.

Soll ech déi nächst och nach presentéiere well et geet an déiselwecht Richtung?

8. Convention avec l'asbl „Energy for life" dans le cadre des activités sportives du programme „Youth Sports- Cool Sports", décision

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Mir sinn Demandeur, dass Dir och direkt de Punkt 8 direkt presentéiert. D'Konventioun mat Energy for Life.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Dann d'Konventioun Energy for life ass eng Konventioun mat enger ASBL Energy for life, dat ass am Kontext vun eisem weiderféierende Programm am Sportförderprogramm. Mir hu festgestallt, dass mer lo eng ganz gutt Organisatioun hu bis 12 Joer, bis d'6. Schouljoer, an dass duerno d'Kanner op eng Kéier wa se net de Wee an de federéierte Sport, an den associative Sport fonnt hunn, dann do stoungen an näischt méi haten. Dofir huet eise Service des sports mat ganz vill Akribie a ganz vill Fantasie e Programm opgebaut deen Youth Sports - Cool Sports heescht, dee sech eigentlech adresséiert un déi Jugendlech nom 6. Schouljoer wa se am Secondaire sinn, wa se awer net onbedéngt an engem Veräin täteg sinn. An hei ass och eng éischt Konventioun, déi mer an deem Beräich mat enger Associatioun maachen. An dat ass d'Associatioun Energy for life.

Ëm wat geet et do? Et geet do ëm Self Defense Coursen, also elo net Arts martiaux mä éischter Self Defense wat och ganz wichteg ass, dass ee léiert mat sengem eegene Kierper an Einklang ze komme fir och gegebenefalls, wann ee géing aggresséiert ginn, sech kënnen ze wieren. An dat ass virun allem fir jonk Meedercher an deem Alter net onwichteg, also dass do och eng vun deenen éischten Zielgruppen.

Dat zweet kann ech dann awer och vläicht en avant-première soen, dass mer och amgaange sinn eis ze iwwerleeë mat därselwechter Associatioun och eng Konventioun ofzeschléissen an eisem Programm vum Betriebssport, well do och en Deel Leit wëlle vläicht sech do weider Kenntnisser uneegene wéi ee sech ka wieren ouni awer deen aneren ze aggresséieren an deem domat wéi ze doen. Dat ass jo d'ganz Konscht an der Self Defense, sech selwer verdeedegen ouni awer deen aneren dann ze aggresséieren an deen ze verletzen. Ech mengen, hei ass elo eng ganz wichteg Konventioun an och e ganz wichtegt Element an deem Programm vun Youth Sports - Cool Sports a mer hunn och scho ganz vill Interêt do ugemellt kritt.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Sportschäffen. Da Wuertmeldungen zu Punkt 7 a Punkt 8 gläichzäiteg. Den Här Jaerling.

Aly Jaerling (Indépendant): Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Zu deem Cercle d'Escrime do, dee Fechtcercel, falen do elo all déi Leit drënner déi an Zukunft mussen op Esch op d'Sozialamt fechte kommen?

An dann deen anere Punkt do, bei dem Punkt 8, Self Defense, kritt een do och Course wéi ee sech géint de Schäfferot ka wieren?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Kënnt Dir mer vläicht Är Wuertmeldunge wann ech gelift nach eng Kéier weisen? Madame Hildgen.

Annette Hildgen (CSV): Merci, Madame Buergermeeschter. Eng ganz kleng Fro. Déi Energy for life, wou trainéieren déi Leit? Kréien déi e Sall zur Verfügung gestallt? Oder gi se och mat deene méi Groussen, Schüler sinn dat déi jo nach am Lycée sinn héchstwahrscheinlech, et géif mech interesséiere wou déi Coursen dann ofgehale ginn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Madame Hildgen. Si soss keng Froe méi do? Och net zu Punkt 8? Dann äntwert de Sportschäffen.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Also, am Prinzip ass dat do virgesinn an den Infrastrukture vun den neie Sportinfrastrukture vum Brill, well et och an étroite collaboration mam Jugendhaus mat organiséiert gëtt. Mä dat kann awer mar och an engem anere Sportsall sinn. Also et ass sécher net dobaussen op der Strooss oder am Schoulhaff. Mä et ass an enger Sportinfrastruktur, an enger korrekter Sportinfrastruktur wou dat stattfënnt.

An op dem Här Jaerling seng Remarquen déi mengen ech déi ware selbstredend, dozou brauch ee kee Kommentar ze ginn.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Sou, sidd Dir d'accord, dass mer de Punkt 7 an de Punkt 8 zesummen zur Ofstëmmung bréngen? Jo?

Conseillers présents:
M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonar – M.

Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et le club sportif « Cercle d'Escrime ».

Conseillers présents:
M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonar – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et le club sportif « Energy for Life ».

9. Aménagement d'un parking pour camionnettes; convention avec la SA Arcelor Mittal; décision

Da kéime mer bei Punkt 9, dat ass den Amenagement vun engem Parking am Kontext vun eisem Camionnette-Reglement an dat stellt eis de Verkéiersschäffe vir. Et geet ëm eng Konventioun mat Arcelor Mittal.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Jo, ech mengen ech kann dat do relativ kuerz halen. Ausser wann nach Froe si kann ech drop äntweren. Mä et ass u sech näischt anescht wéi d'Festschreiwe vun deem wat mer hei schonn diskutéiert hunn, wat Dir wësst. Mir hunn eng Auswäichméiglechkeet virgesinn an der rue de Belval no der Aféierung vum Camionnettereglement. Dat war jo en ausdréckleche Wonsch vun der staatlecher Verkéierskommissioun vum Transportministère, dee gesot huet, wann Dir e sou e Camionnette-Reglement maacht, da muss Dir och iergendwou, zumindest deelweis, eng Alternativ ubidden. Mir mengen nach ëmmer, dass dat hinnen net zousteet esou eppes ze fuerderen. Mä mir hunn eis awer, fir net laang ze streiden a virun ze kommen, domat offonnt. Mir hu mat der Arbed en Terrain fonnt. En ass och schonn zënter Méint, zënter der Aféierung ass en a Betrib. Mir schreiwen elo just an enger Konventioun fest, dass mir dat eben dierfen notzen. Datt si natierlech keng Verantwortung hunn iwwert dat wat do stattfënnt, an dass mir dat mussen dat do propper halen an le cas échéant ënnerhalen. Mä méi wéi dat ass et net.

Fir de Rescht, an engem Saz, si mer ganz frou, dass mer op dee Wee gaange si vun deem Camionnette-Reglement well mir hunn haut eng komplett aner Situatioun Owes an iwwert de Weekend wéi dat virdrun de Fall war. Mir hate se jo gezielt, mir haten tëschent 6 a 700 Camionnetten Owes an Esch stoen. Déi si fort. Et sinn der elo just nach e puer an déi sinn da begrënnt, déi hunn och e Grond an eng Autorisatioun fir kënnen do ze stoen. Ech menge mir hunn domat eng gutt Saach gemaach an déi heite Konventioun ënnerstëtzt elo déi Bestriewungen an duerfir géinge mer lech bieden déi ze stëmmen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Verkéiersschäffen. Den Här Codello an den Här Zwally duerno.

Daniel Codello (LSAP): Merci, Madame Buergermeeschter. Mir si frou als LSAP-Fraktioun wéi mer am Ordre du jour deen dote Punkt gesinn hunn, well et ass déi konkret Realiséierung vun deem ominéise Camionnette-Reglement wat esou laang hei iwwer Esch an iwwert dem Gemengerot geschwieft huet. Duerfir begréisse mer, dass dat elo konkret gëtt. Ech hu just eng Fro. Ech hat an deem Kontext vun der Ëmsetzung vum Camionnette-Reglement eng schréftlech Fro un de Schäfferot gestallt an an där Äntwert hat ech och geäntwert kritt, dass eng Campagne, eng Information publique géing gemaach ginn. Fir dass och dee Parking, déi Auswäichméiglechkeet jo och muss bekannt gemaach ginn, well wéi wëssen dann d'Chauffeure vun de Camionnetten dass dat besteet? An do wollt ech froe wéi déi Campagne, ass déi scho gestart oder wäert se an der nächster Zäit gestart a lancéiert ginn? Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci, Här Codello. Den Här Zwally.

André Zwally (CSV): Jo, Merci Madame Buergermeeschter. Mir wäerten als CSV dat heiten och mat stëmmen. Mir hu just nach eng Fro um Niveau vun de Standuerter. Ech denken, dass dat matenee wunnen a schaffen an och déi ganz Problematik wat de Verkéier ubelaangt scho wichteg ass. Dat hei ass een Deel dee kann hëllefen, dass et gutt matenee fonctionnéiert. An de Standuert Belval, ass dat deen eenzegen dee bleift oder ass nach en vue fir ze kucken, datt op eisem ganzen Territoire wäert dofir gesuergt ginn, dass déi Problemer wat d'Camionnetten ubelaangt, och an aner Quartiere kënnen zum Virschäi kommen?

Ech géif awer och nach vun der Geleeënheet profitéieren, well ech elo virdrun och nach en Telefon kritt hunn, fir dem Verkéiersschäffen eppes mat op de Wee ze ginn. Dat ass um Niveau vum Belval Ouest, haaptsächlech da wa Concerte sinn Owes, do sinn déi Leit déi bei DexiaBIL do schaffen, u mech erugetruede fir hei ze froen, dass een do soll versichen eng nei Verkéierssituatioun ze schafen, well all Kéiers no 19 Auer respektiv kuerz virdrun, da wa Concerte sinn, hu si extrem Problemer fir aus hirem Parking ze kommen. An do sinn och Leit déi ganz einfach soen, si wieren alt bis zu enger Stonn blockéiert innerhalb vum Parking wa se wëllen erausfueren. Well ganz einfach déi Verkéierssituatioun esou wéi se haut do fonctionnéiert net méi tolerabel ass fir si an dofir wollt ech dann och dovunner profitéiere fir dat hei ze soen. Merci.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Merci Dir Häre fir dës Froen. Da géing ech proposéieren dass eise Verkéiersschäffen direkt dorop äntwert.

Schäffe Félix Braz (DÉI GRÉNG): Jo. Als Äntwert, Här Codello, Dir erënnert nach eng Kéier drun, dass et e bësse méi laang gedauert hat, fir dass och do da kee falscht Bild entsteet, kënnt Dir lech drun erënneren, dass dat zu 0% d'Schold vum Schäfferot war wann et méi laang gedauert huet – ech soen et einfach nach eng Kéier, dann ass et gesot – dat läit dorunner dass mer eng Astellungsprozedur hate well mer dat Reglement nëmmen da kënnen aféiere wa mer Agenten hunn déi et kontrolléieren. An Dir wësst jo, dass bei der staatlecher Kommissioun vum Interieur de Recrutement, eemol am Joer sinn Examen a wann een da Pech huet zwou Wochen nom leschten Exame wëlle Leit ze recrutéieren an dëser Carrière, dann ass een ongefeier ee Joer amgaange bis ee weess ween den Exame gepackt huet. Dat war och alles kee Geheimnis. Dat war scho gesot gi beim Vote vum Reglement. Dat war also weder eng Iwwerraschung nach d'Schold vum Schäfferot, mä dat si staatlech Prozeduren déi bis haut déi sinn déi se sinn.

D'Campagne, Här Codello, hu mer gemaach wou mer d'Reglement ëmgesat hunn. Dat hei ass jo net d'Ëmsetzung vum Reglement. D'Reglement gëtt et scho laang. Mir hunn

deemools wéi mer d'Reglement agefouert hunn, hu mer während enger längerer Zäit mat eisen Agenten Owes bei all de Camionnetten, ... Mir brauche jo keng Information du grand public ze maachen. Dat hei ass eng spezifesch Saach déi nëmmen d'Chauffeure vun de Camionnette betrëfft. Do hu mer während enger längerer Zäit all Owes sinn eis Agenten duerch Esch getrëppelt an hunn de Camionnette frëndlech Ziedelen hannert de Wischer geluegt fir ze soen: Léif Leit, Dir wësst, eigentlech misst Dir elo scho protokolléiert ginn. Dat hu mer gemaach. Also déi Campagne ass keng Campagne grand public, well si ass nëmme fir déi Leit déi och Owes mat hire Camionnetten hei stoungen. Also et betrëfft 700 Leit an Esch, da brauche mer net zeg Dausend Euro auszeginn eiser Meenung no, fir de grand public ze informéieren. Mä mir hunn déi Leit, déi et betrëfft spezifesch informéiert mat enger Campagne de sensibilisation iert mer ugefaangen hunn ze protokolléieren. Also dat ass ganz kloer geschitt. Dat gesäit een och dorunner, dass de Succès vun deem Parking ganz grouss ass, well et gëtt der méi déi hir Camionnette wéilten do ofstelle wéi mer do Plazen hunn. Dat just nach eng Kéier als Rappel.

A mir mengen och, dass mer net sollen déi Kapazitéite weider ausweiden, well déi Camionnette gehéiere weder an Esch nach eigentlech op dee Parking, mä se gehéiere bei d'Firma, op de Parking bei der Firma. Do gehéiere se hin an dofir hu mer och iwwerhaapt kee Bauchwéi fir hei streng a restriktiv virzegoen. Mir hunn ee Parking ugebuede fir den Iwwergang ze erliichteren, mä dee muss à terme net bleiwen, dee kann och à terme iergendwann eng Kéier ewech geholl ginn. Iwwregens kann dat och geschéie wa mir dat net wéilten. Well e gehéiert der Arcelor an d'Konventioun seet kloer, dass déi Mise à disposition essentiellement précaire ass. Si kënnen also mat engem Préavis vu 6 Méint och soen, mir brauchen deen Terrain an dann ass en net méi do. Wat fir eis kee gréissere Problem duerstellt, well mir mengen dass déi Camionnetten eigentlech alleguerten Owes misste bei hirem Patron stoen. A wann ee soll ronderëm fueren a Leit asammelen, da soll dee Patron deem wann ech gelift soen, komm do moies mat dengem Auto bei eis, dréck deng Kaart an da gëss de vun där Sekonn och bezuelt an da fiers de andeems de bezuelt gëss an all d'Assurancen hues, ronderëm déi Leit asammelen. Dat wär och nach sozial méi richteg, dofir hu mer ganz wéineg Bauchwéi wann de Parking eng Kéier géing ewechfalen aus Grënn fir déi mir net kënnen. Da mengen ech wären och déi Leit déi et maachen, guer net esou rosen doriwwer. Si hätte garantéiert keen Nodeel.

Lescht Remarque, Här Zwally, Dir hutt geschwat vu ganz Esch. Also wuel verstanen, et ass vläicht e Malentendu, dat hei Reglement vun de Camionnetten ass flächendeckend gülteg. Et däerf a kengem Quartier méi eng Camionnette Owes oder de Weekend stoen déi net expressis verbis d'Autorisatioun dofir huet. A mir maachen dat zum Beispill, net zum Beispill, ausschliesslech bei Leit déi an iergendwellech Santésdéngschter aktiv sinn, respektiv bei Leit déi Permanencen assuréieren a Reseauen. Eng Südstroum-Permanence, eng Sudgaz-Permanence, eng Enovos-Permanence, wann deen zoufälleg zu Esch wunnt. An all déi aner hu mat hirer Camionnette Owes näischt méi hei verluer. An dat gëtt och esou gehandhaabt an dat gëllt fir sämtlech Quartieren. Dat ass net elo just fir déi eng Quartieren. Dat ass flächendeckend fir ganz Esch.

An allerlescht Remarque, déi Remarque mat der Dexia. Mir huelen dat mat bei Äre Kolleg de Ponts et Chaussées Minister, den Här Wiseler, fir eng Léisung ze fannen. Mir si jo net eleng Meeschter, wa mer eng Léisung sichen, mir kënne se net eleng décidéieren. Dat sinn essentiellement Staatsstrossen. Mä mir gesinn eis regelméisseg um Niveau vun den technesche Servicer a wa mer eng Léisung kënne fannen, da solle se nach eng Kéier driwwer nodenken a kucken, wat mer kënne maachen. Mä wéi gesot, mir kënnen dat eleng net beschléissen, well et sinn net lauter Stroossen déi eis gehéieren an d'Verkéiersregelung gëtt scho vun der Ponts et Chaussées iwwerholl ab der Autobunn. Dat ass net esou ganz evident, mä op jidde Fall wann do nach e Problem besteet, da solle mer kucken deen ze léisen.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote.

Conseillers présents:
M. Marc Baum – Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la S.A. ArcelorMittal Luxembourg.

10. Convention avec le Ministère de l'Education nationale et de la Formation professionnelle concernant le personnel socio-éducatif; décision

11. Convention avec le Ministère de l'Education et de la Formation professionnelle concernant les éducateurs (trices) gradué(e)s; décision

12. Convention avec le Ministère de l'Education et de la Formation professionnelle concernant les chargé(e)s de cours; décision

Sou, mir kommen dann zu dräi Konventioune mam Ministère de l'Education nationale an hei geet d'Wuert dann un eise Schoulschäffen.

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): Merci. Dir wësst, dass am Kader vum neie Schoulgesetz vun 2009 am Prinzip déi ganz Enseignants vun dem Ministère iwwerholl ginn ass. Ech wollt awer nach eng Kéier rappeléieren, et gëtt ëmmer gesot de Patron ass elo de Ministère an de Stat. Et ass awer och esou, dass mir nach ëmmer eisen Drëttel bezuele vun all Enseignant dee mir hei zu Esch hunn. Déi meescht wëssen dat net. Et ass net, dass mer d'Suen net erëmkréien, mä mir kréie se einfach manner am groussen Dëppe wou mer vum Stat kréien. Esou dass mer nach ëmmer eis Responsabilitéit do hunn an ech wëll dat ëmmer rappeléieren, well déi meescht Leit wëssen dat net.

Hei sinn elo dräi Konventioune wat verschidde Kategorien ugeet vu Leit déi ënnert dem Gemengestatut bleiwen. Dat heescht, mir si weider do de Patron, mä et ass esou, dass de Stat finanziell intervenéiert. Et ass am Fong den ëmgedréinte Wee wéi dat wat ech lech elo erkläert hunn. Et ass op där enger Säit déi 9 Maîtres d'Education physique déi mer schonn notamment éiweg hunn an et ass och dee ganze Volet Assistante sociale, Pädagog, Psycholog, déi och deelweis vum Stat finanziell mir erëmbezuelt kréien.

Ech wollt do eng Remarque maachen, Här Sekretär, d'Nummer 4, d'Christiane Hildgen, kënnt een hannendru schreiwen, wier entretemps eng Epouse Lutty. Vu dass ëmmer d'Epouse bei Biltgen an esou weider stinn, hei steet se net, kënnt een dat vläicht dem Ministère matdeelen.

Dann hu mer an der zweeter Konventioun d'Educateuren. Dat sinn notamment all d'Educateuren aus der Ganzdagsschoul. An dann hu mer nach zwou Persounen an der Konventioun Nummer 12, dat sinn zwee Chargés de cours. Dat eent ass den Här Hummer an dat anert d'Madame Lucas, esou dass ech lech géing bieden déi dräi Konventiounen ze stëmmen. Kënne mer déi matenee stëmmen?

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Wa jiddwereen domat d'accord ass? Jo.

Conseillers présents:
Mme Jeanne Becker – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – M. Henri Hinterscheid – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonar – M. Paul Weidig – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les conventions entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et le Ministère de l'Education nationale et de la Formation professionnelle.

13. Contrat de gérance pour le débit de boissons à la buvette du parc municipal; décision

Mir kéimen dann zu Punkt 13.

De Punkt 14, dat hätt ech vläicht missten agangs méi präzis soen, fällt jo ewech well mer haut just d'Personalfroen am Huis clos haten.

Mir hunn also dann de Punkt 13, dat ass de Contrat de gérance do uewen op eisem Galgebierg an duerfir géing ech och soen, dass de Sportschäffen utiléiert wier fir deen ze presentéieren.

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): Merci, ech maachen et ähnlech kuerz wéi den Här Schoulschäffen elo grad. Mir hunn e Contrat de gérance do uewe mat der Buvette vun dem Boule-Club niewent eiser Äispist déi, wéi richteg gesot ginn ass, dëst Joer den Numm verdéngt huet. Do an deem Contrat de gérance steet an där Konventioun mam Boule pétanque Esch steet, dass e Contrat de gérance mat engem Gérant en bonne et due forme muss ofgeschloss ginn. De Gérant huet elo gewiesselt. Si hunn en neie Gérant doran an dat ass den Här Albert Talamelli an dat ass eng Convention tripartite u sech an dofir misste mer déi hei stëmmen. An ech géing och proposéieren där Konventioun zouzestëmmen, well déi Buvette do uewen déi fonctionnéiert zënter enger ganzer Rei Joere ganz exzellent an ass och e ganz wichtegt Element vun eisem Centre de loisirs.

Buergermeeschter Lydia Mutsch (LSAP): Au vote.

Conseillers présents:
Mme Jeanne Becker – M. Félix Braz – M. Daniel Codello – Mme Mady Hannen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Aly Jaerling – M. Pierre-Marc Knaff – Mme Lydia Mutsch – M. Roger Roller – M. John Snel – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonar – M. Paul Weidig – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le contrat de gérance entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et Monsieur Albert Talamelli et l'association Boule Pétanque Esch.

14. Questions de personnel (création et suppression de poste, réduction et prolongation de stage) ; décision

Ce point a été retiré de l'ordre du jour.

15. Office social: comptes de gestion 2006 et 2007; décision

Mir hunn dann zwee Punkten déi eis Sozialschäffin eis presentéiert. Fir d'éischt de Punkt 15, dat ass den Office social, Comptes de gestion 2006 an 2007.

Schäffin Vera Spautz (LSAP): Merci. Dir gesitt d'Comptes de gestion 2006 an 2007 do wëll ech nëmmen dat bestätegen oder zoustëmmen, wat den Här Braz virdru vun de staatleche Prozedure gesot huet. No dräi respektiv véier Joer hu mer déi Konten hei virleien. Dat loung net um Office social oder un eis, mä den Dossier loung bis elo beim Ministère de l'Intérieur. An ass elo iergendwann opgefall a koum erëm. Ass duerno kontrolléiert ginn. Dofir hu mer haut d'Konten 2006 an 2007 an ech géif lech einfach proposéieren déi zwee Chifferen ze nennen an net méi vill zum Inhalt ze soen, well et ass véier Joer duerno. Mir sinn an enger komplett anerer Situatioun haut.

Ech wëll just awer och drop opmierksam maachen, datt déiselwecht amgaange si mat eis dat neit Gesetz vum Office social ze organiséiere wou et grad esou kritesch ass am Moment wou eis eng ganz Rei Informatiounen och nach feelen an déi sollen eis Konten an Zukunft am Detail kontrolléieren. Ech hoffen, datt et dann do net esou laang dauert, well do musse mer immens vill Geld virstrecken an Zukunft. A wa mer dat dann net esou séier erëmkréien, gëtt dat ganz penibel.

